



**Äntwert vun der Justizministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n°6361 vum 15. Juni 2022 vun dem honorabelen Deputéierten Här Roy Reding**

**Ad 1**

D'Affekoten déi un der Formatioun zum Kanneraffekot vum Stater Barreau wëllen deelhuele mussen e Bréif un de Bâtonnier riichten an deem si hir Motivatioun detailléiere firwat si Kanneraffekot wëlle ginn. D'Plaze vun der Formatioun si limitéiert fir ee konstruktiven Austausch tëscht de Formateuren an den Affekoten z'erméiglechen. D'Aschreiwunge fir d'Formatioun ginn zougemaach esoubal de Maximum vu Participanten sech ageschriwwen huet.

**Ad 2**

D'Formatioun zum Kanneraffekot ass op 2 Joer opgedeelt.

Am éischte Joer mussen d'Affekote 4 bis 5 Module vu jeeeweils 2 Stonne Formatioun ofschléissen. Folgend Sujete ginn an den eenzele Module behandelt:

- Aspects du droit international privé
- L'enfant devant le juge aux affaires familiales
- L'OKAJU : présentation et action
- L'encadrement social de l'enfant : la médiation et les différentes thérapies
- L'accueil de l'enfant
- Le juge de la jeunesse
- Le rôle du Parquet Jeunesse et du SCASS
- La prise en charge professionnelle des abus sexuels
- L'avocat de l'enfant et les parents
- L'avocat de l'enfant et son client
- L'avocat de l'enfant et les tiers professionnels

Am zweete Joer bitt de Barreau eng „*journée de formation « follow-up »*“ vun 8 Stonnen un. An dëser Opfrëschungsformatioun ginn d'Kanneraffekoten iwwert Aktualitéitssujete forméiert an Atelieren mat erfuerenen Affekote ginn organiséiert. E Kanneraffekot muss un dëser Opfrëschungsformatioun deelhuele wann en op der Lëscht vun de Kanneraffekoten ageschriwwen wëll bleiwen.

**Ad 3**

D'Affekoten déi un der Formatioun zum Kanneraffekot deelhuele mussen keen Exame schreiwen. D'Participatioun un den eenzele Module vun der Formatioun ass obligatoresch fir op d'Lëscht vun de Kanneraffekoten vum Barreau ageschriwwen ze ginn.



#### **Ad 4**

Weder de Barreau, nach de Justizministère kënnen den Affekoten, déi d'Formatioun zum Kanneraffekot net gemaach hu, verbidde Kanner viru Geriicht ze verrieden. Et ass dem eenzelem Affekot iwverlooss a wéi enge Domainer hien exerzéiere wëll. Falls een Affekot awer net genuch Kenntnisser an engem Domaine huet an trotzdem an dësem Beräich exerzéiert, dann exposéiert hien sech deontologesche Strofen duerch de Bâtonnier.

De Justizministère begréisst, dass de Stater Barreau dës Formatioun ubitt a gesäit an hir een Atout well se net nëmmen déi juristesche Kenntnisser vun den Affekoten opfrëscht, mee och wichteg Kenntnisser am Beräich vun der Kannerhëllef vermëttelt a fir een Echange mat de betroffenen Acteuren aus dem Sektor suergt.

#### **Ad 5**

D'Ziel vun der Formatioun zum Kanneraffekot ass et d'Affekoten, déi an dësem Beräich schaffen, gezielt ze forméieren, well dës Matière oft net op den Universitëiten ënnerriicht gëtt. Et sinn net nëmme juristesche Kenntnisser gefuerdert, mee och Kenntnisser an aneren Domainen. D'Kanneraffekoten hunn och d'Obligatioun hier Kenntnisser am Kader vun der „*formation permanente*“ vum Barreau ze verdéiwen.

#### **Ad 6**

Et steet engem Mannerjäreger fräi säin Affekot ze wielen. De Mannerjäreger kann entweder een Affekot wielen, deen d'Kanneraffekotformatioun vum Barreau ofgeschloss huet oder een Affekot wielen, deen dës Formatioun net ofgeschloss huet. An der Praxis kënn et oft vir, dass d'Mannerjäreger selwer een Affekot beopdroen, ouni dass d'Geriicht een Affekot fir de Mannerjäreger nennt. Falls de Riichter een Affekot fir e Mannerjäreger bestëmmt, da steet et och dem Riichter fräi een Affekot ze wielen, deen d'Formatioun zum Kanneraffekot ofgeschloss huet oder net. De Barreau stellt de Riichter eng Lëscht zur Verfügung wou all d'Kanneraffekoten agedroe sinn mat den Domainen an deenen si spezifesche exerzéieren (Familljerecht, Strofrecht fir Mannerjäreger, Jugendschutz) an och hire jeeweilege Sproochkenntnisser.

Lëtzebuerg, den 28 September 2022.

D'Justizministesch

(s.) Sam Tanson